



N° 6110
Reçue le 27.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.04.2022

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural,	8
Référence: 278/2022	
28 AVR. 2022	
A traiter par:	
Copie à:	

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Wirtschaft & Landwirtschaft weiderzeleeden.

Hei am Land kritt een op verschiddene Plaze Homarden an anerer Krustendéiere als lieweg lesswuer ze kafen. D'Homarde gi mat Keefeger um Mieresbuedem gefaangen a verhongereren deelweis an dësen, ier se aus dem Waasser gezu ginn. Homarden sinn schmerzempfindlech Déieren, déi virun allem Hëtzt net verdroen. Trotzdem ginn hinnen nach ëmmer d'Schéieren zesummegebonden a si gi lieweg a kachend Waasser gehäit.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Autorisatiounen a Pabeiere brauch eng Persoun oder Firma fir de Verkaf vun liewege Déieren am Allgemengen?
Brauch et eng speziell Autorisatioun fir de Verkaf vun liewege Homarden?
2. 1. Wat fir Haltungs-Standarder ginn et bei der Haltung vun Homarden ze respektéieren, vun der Aféierung an eist Land bis zum Verkaf an engem Geschäft oder Restaurant un de Consommateur?
2. Wat fir Standarder si beim Transport vum Déier bis bei de Consommateur anzehalen?
3. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dës Standarder genügend sinn?
3. Wat fir weider Déiere kënnen, wéi den Homard an aner Krustendéieren, als lieweg lesswuer verkaaft ginn?
4. Deelen d'Ministeren d'Meenung, dass et net am Sënn vum Déiereschutz ass, fir den Déieren d'Schéieren zesummen ze strécken, se a klengen Aquariumen ze halen, fir se da schlussendlech lieweg a kachend Waasser ze geheien?
5. Gesinn d'Ministeren hei ee méigleche Konflikt mat der Verankerung vum Déiereschutz an der neier Verfassung souwéi am Déiereschutzgesetz vun 2018?
6. Wäert de Verkaf vu liewegen Déieren zu Lëtzebuerg weiderhi legal bleiwen?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6110 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen

1. Wéi eng Autorisatiounen a Pabeiere brauch eng Persoun oder Firma fir de Verkaf vun liewege Déieren am Allgemengen?

Brauch et eng speziell Autorisatioun fir de Verkaf vun liewege Homarden?

D'Punkten 1 an 2 vum Art. 6 (2) vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 schreiwen eng ministeriell Erlabnis fir den Handel mat liewegen Déiere vir, déi ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Den Art. 2 vum Déiereschutzgesetz präziséiert, wat fir eng Déieren ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Homarde falen net ënnert d'Déiereschutzgesetz. Homarde sinn ugesinn als Fëschprodukter, déi am liewegen Zoustand konservéiert ginn.

2.1. Wat fir Haltungs-Standarder ginn et bei der Haltung vun Homarden ze respektéieren, vun der Aféierung an eist Land bis zum Verkaf an engem Geschäft oder Restaurant un de Consommateur?

2.2. Wat fir Standarden si beim Transport vum Déier bis bei de Consommateur anzehalen?

2.3. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dës Standarder genügend sinn?

Vu dass et sech ëm Liewesmëttel handelt, déi lieweg konservéiert ginn, falen dës Produkter ënnert déi europäesch an national Liewesmëttelgesetzgebung, an et muss séchergestallt sinn, dass si beim Fang, beim Transport bis bei den Endkonsument dës liewegen Zoustand behalen. Donieft muss selbsterständlech, wéi bei all anere Liewesmëttel och, hei d'Liewesmëttelsécherheet garantéiert sinn. Standarder berouen op wëssenschaftleche Krittären, a wann et op deem Niveau nei Erkenntnisser gëtt, soll d'Gesetzgebung un dës ugepasst ginn.

3. Wat fir weider Déiere kënnen, wéi den Homard an aner Krustendéieren, als lieweg lesswuer verkaaft ginn?

Muschelen an Austere ginn och lieweg als lesswuer verkaf.

4. Deelen d'Ministeren d'Meenung, dass et net am Sënn vum Déiereschutz ass, fir den Déieren d'Schéieren zesummen ze strécken, se a klengen Aquariumen ze halen, fir se da schlussendlech lieweg a kachend Waasser ze geheien?

An deem Beräich gëtt et sécherlech nach Handlungsbedarf. Lëtzebuerg ass bereet do Efforten ze maachen a matzehëllefen, d'Gesetzgebung op EU-Niveau am Sënn vum Déierewuel ze verbessern.

5. Gesinn d'Ministeren hei ee méigleche Konflikt mat der Verankerung vum Déiereschutz an der neier Verfassung souwéi am Déiereschutzgesetz vun 2018?

Wéi ënnert dem Punkt 1 präziséiert, falen d'Homarden net ënnert d'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018.

6. Wäert de Verkaf vu liewegen Déieren zu Lëtzebuerg weiderhi legal bleiwen?

De Verkaf vu liewegen Homarden als Liewesmëttel ass legal soulaang et keng Gesetzgebung gëtt, déi dat verbitt.

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN